# Aktivitéits Bericht 2024

## Reegelméisseg Ereegnisser

- Mir haten 12 ChaosMeetings iwwert Joer verdeelt. Mir haten 24 oppe Méindeger wou interesseiert Leit konnte lanscht kommen.
- Desweideren ware mir mat 2 Pressernimmungen am Joer 2024 vertrueden.

## Januar

Pot du président mat all den Memberen

## Februar

Installatioun an Iwwerpréifung vun IT Infrastruktur bei besuergten Matbierger.

## Mäerz

Den 30ten Mäerz hunn mir beim "World Wide Open Hackerspace Day" matgemaacht, wou weltwäit Hackerspacen hier Dieren opgemeet hunn a sech dem Public gewissen hunn.

## Abrëll

Ausbau vum Freifunk Netzwierk. Een gratis öffentlechen WLan, wou jiddereen kann matmaachen.

## Mee

Virträg via online Meeting fir den grand public:

- Den metalgamer huet ee Virtrag iwwert Cyberattacke gehalen.
- Den virii huet iwweert Backups geschwat.
- Den orimpe an fantawams hunn iwwert Smartmeteren geschwat.

## Juni

Sektioun vun den Bushcraft Nerds huet sech getraff fir ze kucken wéi een Natur & Technologie besser mateneen verbannen kann.

## Juli

- Den orimpe huet e HowTo Lockpicking Session for Frends gehalen,a erklärt wei Verschidden

Schlässer opgebaut sin an wei e se op kritt.
- Präsens beim Haxogreen 2024. Engem Outdoor Hacker Event zu Diddeleng.

### August

Austausch mat der EDRi iwwert Netzpolitik an wéi eenzel lokal Akteuren hiren Deel derzou bäidroen, datt den Internet oppen a fräi fir jiddereen bléift.

### September

Photo Nerds Sektioun huet sech mat dem Photo Club vun Dikrech an Esch getraff fir iwwer zukünfteg Projeten ze schwätzen.

### Oktober

Eng spontan organiseiert HowTo 3D Druck Sessioun vum orimpe fir Family and Friends iwwert Basics vun der 3D Drucktechnik an wat en alles domat Drucken kann.

### November

Distributioun vun der "Datenschleuder" (Zeitung vum Chaos Computer Club) un déi 5 matmaachend Bibiliothéiken hei am Land. Notamment:

- Nationalbibliothéik
- Ourdall Bibliothéik
- Ettelbrécker Bibliothéik
- Escher Bibliothéik
- Veianer Bibliothéik

### Dezember

Live streaming vum Chaos Communication Congress fir all déi, déi net selwer op den Kongress konnten fueren. Déi 3 Deeg waren natierlech oppen fir den public a gouf gutt besicht.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:activity-reports:2024&rev=1741443221**

Last update: **2025/03/08 15:13**